



N° 6601  
Entrée le 03.08.2022  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 04.08.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 3. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

An Däitschland gött aktuell vill iwwert e méiglechen Defizit bei de Schwammkompetenze vu jonke Schüler diskutéiert, déi duerch e Mangel un Unterrecht während der COVID-Kris entstane sinn. Dës feelend Konsequenze kënnen séier zu geféierleche Situatioune féieren, wann d'Kanner an hirer Fräizäit, besonnesch während der grousser Vakanz a fräi Gewässer schwamme ginn, wou si net zwangseefeg ënner Opsicht stinn.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Schoulminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister matdeelen, ewéi een Impakt d'COVID-Kris op d'Schwammkompetenze vu Lëtzebuenger Schüler, besonnesch am Primärschoulsalter hat?
- 2) Schon am Hierscht 2020 goufen d'Sécherheetskompetenze vu Remplaçanten, déi de Schwammunterrecht an der Primärschoul ofhalen, kontrovers diskutéiert. Kéint den Här Minister sech virstellen, d'Schwammmeeschtere beim Opschaffe vu méiglechen Defiziter oder am Fall vu Personalangel beim Léierpersonal nees méi staark an de Schwammunterrecht mat anzebannen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten



**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro  
Nr. 6601 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

**Ad 1) an 2)**

Vun deem Zäitpunkt un, wou déi sanitär Situatioun eng Reprise vun de Schwammkursen erlaabt huet, hunn déi zoustänneg Enseignant den Developpement vun de Kompetenze vun hire Schülerinnen a Schüler evaluéiert an hinnen déi Aktivitéite proposéiert, déi hire spezifesch Besoinen am beschten entsprach an hire Léierrhythmus respektéiert hunn. Esou konnten eventuelle Lacunne beim Schwammen, déi duerch dat temporäret Aussetze vun de Coursen entstanen sinn, unhand vun Differenzéierungsmesuren direkt entgéintgewierkt ginn.

Zousätzlech goufen, am Kader vun der sanitärer Kris, weider Agente rekrutéiert, fir en Dispositif de différenciation en place ze setzen. Dës Agente konnten och, falls dëst néideg war an si déi noutwennege Viraussetzungen erfëllt hunn, an de Schwammkursen intervenéieren, fir den Enseignant bei der Prise en charge vun de Schülerinnen a Schüler ze ënnerstëtzen.

Eng weider Hëllef, déi eng spezifesch Ënnerstëtzung fir d'Enseignantë beim Encadrement vun Net-Schwëmmer duerch ee Schwammmeeschter virgesäit, ass a war och scho virun der sanitärer Kris an de legalen Dispositiounen (Artikel 1 vum *Règlement grand-ducal du 24 mars 2014 fixant le taux de participation de l'État aux frais des prestations de services fournies par les instructeurs de natation dans le cadre de l'assistance aux titulaires de classe de l'enseignement fondamental ou à leurs remplaçants ainsi que les modalités de remboursement des frais par l'État aux communes ou syndicats de communes*) virgesinn. Déi gemeinsam Gestaltung vum Schwammunterrecht duerch den Enseignant an de Schwammmeeschter dréit sécher zum Developpement vun den Net-Schwëmmer hire Kompetenze bäi an iwwert dës Wee ass eng aktiv Implizéierung vun de Schwammmeeschter an de Schwammkursen zum aktuellen Zäitpunkt scho méiglech.

Wat d'Sécherheet am Kader vun de Schwammkursen ubelaangt, esou muss e Remplaçant, genau ewéi den Titulaire de classe, gewësse Viraussetzungen erfëllen, fir de Cours dierfen ze halen. An deem Kontext ass virun allem de Brevet élémentaire de sauvetage ervirzehiewen. Allgemeng ass allerdéngs festzehalen, datt d'Surveillance générale an esou ewéi ronderëm de Baseng jeeweils vu mindestens engem Schwammmeeschter assuréiert gëtt, deen eenzeg heifir laut dem Artikel 2 vum *Règlement grand-ducal du 31 juillet 1990 établissant des mesures de sécurité dans l'intérêt de la natation scolaire* zoustänneg ass.

Dëst erlaabt, datt den Enseignant respektiv säi Remplaçant esou wéi och eventuell zousätzlech Schwammmeeschteren, déi beim Schwammkurs fir Net-Schwëmmer matwierken, sech voll op d'Entwécklung vun de Kompetenze vun de Schülerinnen a Schüler konzentréieren kënnen an hir Sécherheet zu all Moment garantéiert ass.

Lëtzebuerg, den 8. September 2022

De Minister fir Educatioun,  
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH